# D'Fraen a Mammen Hamm hunn erëm vill geschafft

**Hamm.** D'Fraen a Mammen Hamm hunn wärend dem Joer 2021 eng etlech Aktivitéiten organiséiert: Verkaf vu selwer zesummegestallte Fréijorsarrangementer fir Ouschteren, ee Lasagne-Owend, een Hierken-Owend souwéi de Verkaf vun handgemaachen Adventskränz a Chrëschtdagsarrangementer.

Esou war et hinne méiglech, duerch den Erléis vun deene verschiddenen Aktivitéiten an Don'en, verschidden ONGen z'ënnerstëtzen: Fondation Raoul Follereau: 3 000 Euro; Chrëschte mam Sahel: 2 000 Euro; Eng oppen Hand fir de Malawi: 1 500 Euro; Tricentenaire Lëtzebuerg: 1 500 Euro.

Ee grousse Merci alle Memberen, Frënn a Sympathisanten, déi op iergend eng Aart a Weis dës Gestë méiglech gemaach hunn!

*Anny Hansen*
*via mywort*

